## Déi neiste Bäitreeg op dësem Site:

# News

## 19.11.2018 An de lëtzebuergeschen Schoulen schwätzen nach 20% doheem Lëtzebuergesch als Haaptsprooch.

19 **Nov** *2018*

(comments: 0)

Mir kréien gesot: "Et ass nach ni sou vill Lëtzebuergesch geschwat ginn"

Mee hei ass d'Realitéit aus der Gemeng Lëtzebuerg:

- 45% vun de Kanner ginn mol guer net a lëtzebuergesch Schoulen.
- An de lëtzebuergeschen Schoulen schwätzen nach 20% doheem Lëtzebuergesch als Haaptsprooch.

Si sollen d'Wourecht soen!

eis Ziler:
http://wee2050.lu/index.php/wee-2050.html

Zitat aus dem Jeudi vum 15.6.2018

Read more … 19.11.2018 An de lëtzebuergeschen Schoulen schwätzen nach 20% doheem Lëtzebuergesch als Haaptsprooch.

## 13.11.2018 An weider geet d'Propaganda fir d'Auslännerwahlrecht

13 **Nov** *2018*

(comments: 0)

Einfach herrlech déi zwee

Laura Zuccoli & Carinne Lemmer

Lauschtert mol

andauernd dat selwecht Mäerchen vun engem "Demokratiedefizit"

Si wëssen och nach ëmmer net dass d'Notioun vun 'Bierger/Citoyen' un d'Nationalitéit gebonnen ass. Beispill: En Lëtzebuerger deen an Japan wunnt ass en "europäeschen Bierger". Een Japaner deen zu Lëtzebuerg wunnt ass keen "europäeschen Bierger". Sou ass dat am EU-Recht.

http://radio.rtl.lu/emissiounen/den-invite-vun-der-rtl-redaktioun/1266146.html

Read more … 13.11.2018 An weider geet d'Propaganda fir d'Auslännerwahlrecht

## 10.11.2018 Migratiounspakt

10 **Nov** *2018*

(comments: 0)

Fir méi Transparenz!

Mir hätte gären eng Diskussioun zum geplangte Migratiounspakt a mir géife gär de Pro a Kontra héieren.

Et muss diskutéiert ginn!

https://www.zeit.de/politik/ausland/2018-10/sebastian-kurz-un-migrationspakt-fluechtlinge-oesterreich

Read more … 10.11.2018 Migratiounspakt

## 7.11.2018 CLAE vs Meenungsfräiheet. Wat kënnt nach alles?

07 **Nov** *2018*

(comments: 0)

Ass dat d'Demokratieverständnis vun der CLAE?

"Tout discours anxiogène, que ce soit concernant la langue ou la nationalité doivent être bannis des discours publics." schreiwen si un déi nei Regierung!

D'CLAE (Comité de liaison des associations d’etrangers) fuerdert dass an der Ëffentlechkeet net méi iwwer alles

dierf geschwat ginn, wat Sprooch an Nationalitéitegesetz ugeet.

https://www.clae.lu/wp-content/uploads/2018/11/memorandum-nouveau-gouvernement-2018.pdf?fbclid=IwAR37b1BoE9kji5PgdHTvvxDCHSycjvC9jch61JjV_Ps5OPch34E_hqOtrAY

Read more … 7.11.2018 CLAE vs Meenungsfräiheet. Wat kënnt nach alles?

## 30.10.2018 Ass d'Kulturfabrik anti-demokratesch an hällt sech net un seng Statuten als asbl? An gëtt trotzdem finanzéiert mat eisen Suen?

31 **Oct** *2018*

(comments: 0)

Hei ass eng ontolerant ANTI-DEMOKRATESCH Ausso.
Vum Direkter vun der Escher Kulturfabrik: Serge Basso de March. Am Tageblatt vum 26.10.

"Nur die ADR werden wir nicht annehmen. In diesem Punkt sind wir ganz deutlich."
-->Dann si dir och de falschen Direkter! Ganz däitlech!

Am Artikel 2 vun de Statuten vun der Kulturfabrik asbl steet: "L'Association est neutre sur le plan idéologique, politique et confessionnel."

Den Direkter läit also net nëmmen moralesch gesinn falsch, en verstéisst kloer géint d'Statuten vun der asbl.

En ëffentlecht Gebai, gëtt also hei aus politeschen Grënn enger anerer Partei verweigert.
Menges Wëssens ass dat do du jamais-vu an en Skandal. Doriwwer eraus schued déi Ausso an der Zeitung der Partei.

Dat do muss Konsequenzen hunn!

D'Kulturfabrik gëtt ënnerstëtzt vum Kulturministère an vun der Stad Esch. Den President vun de Gréngen, Christian Kmiotek, ass Vize-President vun der Kulturfabrik.

Hei sinn d'Memberen vum Verwaltungsrot vun der Kulturfabrik:
MIchel Clees // président
Christian Kmiotek // vice-président (PRESIDENT VUN DE GRÉNGEN)
Wagener Yves // secrétaire
Assa Guy // trésorier
Scholl Daliah // membre représentant de la commune d’Esch-sur-Alzette

Dockendorf Guy // membre
Clesen Nick // membre
Helminger Nico // membre
Hemmer Michèle // membre
Hoeltgen Sandrine // membre
Hoscheit Jean-Pierre // membre
Kohn-Stoffels Danièle // membre & représentante du Ministère de la Culture.
Lahure Bernard // membre
Schneider Robert // membre
Seimetz Roger // membre

Read more … 30.10.2018 Ass d'Kulturfabrik anti-demokratesch an hällt sech net un seng Statuten als asbl? An gëtt trotzdem finanzéiert mat eisen Suen?